



Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/07/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Minister fir Tourismus weiderzeleeden.

Den Tourismusminister huet nom Covid-19-Lockdown decidéiert de lokalen Tourismus mat Hëllef vu Bongen am Wäert vu 50€ z'ënnerstëtzen. Ab dem 15te Juli bis den 31ten Dezember 2020 kënnen d'Mënschen zu Lëtzebuerg an d'Frontalieren aus der Groussregioun hir Iwwernehmungen an engem Hotel, Bed&Breakfast, Auberge oder Camping zu Lëtzebuerg mat esou engem Bong bezuelen. Insgesamt sollen 730.000 där Bonge verdeelt ginn, wat de Staat ronn 36,5 Milliounen Euro kascht.

All Bong enthält perséinlech Donnéeën, dorënner den Numm, d'Adress an de Gebuertsdatum, déi noutwennegerweis aus enger Datebank geholl goufen. Während aner Entreprises normalerweis een explizitt Averstännis vun hire Clientë musse froen, fir mat dësen Donnéeë kënnen fir Promotiounen ze benotzen (GDPR-Averstännis) schéngt bei dësem Bong op d'Donnéeë vu ronn 730.000 Persounen- dorënner och Mannerjäreger - zougegraff ginn ze sinn ouni allerdéngs am Virfeld den explizitten Accord vun de Leit gefrot ze hunn. D'Donnéeë goufen traitéiert an d'Leit net eenzelen doriwwer informéiert, wat also an totalem Kontrast zum Dateschutz steet.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. No der Schätzung vum Minister, wéi vill Bonge wäerte bis Enn dëst Joer ageléist ginn?
2. Wat ënnerscheet dës Bong vun der Regierung vun anere Bongen, déi Entreprises normalerweis u Clientë verschécken?
3. Aus wéi enger Datebank entstammen d'Daten, déi fir d'Erstellung vun dësem Bong genotzt goufen?
4. Ass et fir de Minister gerechtfäerdigt aus Promotiounszwecker massiv op d'Donnéeë vun 730.000 Persounen - dorënner Mannerjäreger - zouzepräifen an dëst ouni explizitten Accord vun de Leit?



www.piraten.lu

5. Firwat gouf net op eng Opt-In-Prozedur zeréckgegraff, wou d'Läit, déi interesséiert un der Promotioun sinn, hätte kéinten de Bong iwwert eng zentraliséiert Plattform ufroen?
6. Wéi geseit d'Prozedur aus, wann de Bong vun enger Persoun bei engem Hotellier ageléist gëtt?
7. Ugesiichts, datt de Bong voll mat perséinlechen Donnéeën gespéckt ass, ka verfollegt ginn, wéi eng Persoun dëse Bong wéini a wou ageléist huet?
8. Analyséiert de Ministère wéi eng Bongen ageléist goufen? Falls jo, mat wéi enger legaler Basis ginn dës Donnéeën analyséiert?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc
Député

